ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 25. Januar 2016

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Wann déi physesch oder moralesch Persounen hir Steiererklärung net zur Zäit era ginn, ginn se relativ kuerzfristeg sanktionéiert. Op där aner Säit mussen d'Leit an d'Entreprisen dacks jorelaang op den Décompte oder e Steierbescheed vun hire Steiererklärunge waarden.

Dowéinst wéilt ech dem Här Finanzminister dës Froe stellen:

1) *Wéi laang ass den duerchschnëttlechen „délai de réponse" vun der Steierverwaltung?*
2) *Gëtt et regional Ënnerscheeder jee no Büroen?*
3) *Wa jo, wat mécht d'Steierverwaltung fir esou Retarden opzeschaffen?*
4) *Huet d'Steierverwaltung genuch Personal?*

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten